adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 19. Oktober 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

De « *Conseil Supérieur des maladies infectieuses du Luxembourg* » huet Fraen, déi e Kand erwaarden, op d'Lëscht vun deenen offiziell unerkannte vulnerabele Persoune gestallt.

Dat bréngt mat sech, datt net nëmmen d'Fra an aneren Ëmstänn selwer fir hir Gesondheet an d'Gesondheet vun hirem zukünftege Puppelche ganz vigilant suerge muss, mee datt och d'Gesellschaft eng Verantwortung géintiwwer de Fraen an aneren Ëmstänn huet.

An engem Artikel vum 14. Oktober 2020 aus der online Versioun vum Luxemburger Wort stinn e puer Aussoen, déi eng méi genee Beliichtung bräichten. Am besoten Artikel heescht et :

*«Sitôt ce statut reconnu, un aménagement du poste de travail peut être envisagé dans les cas où la protection face au virus peut sembler critique pour l'état de santé de la salariée.» Par exemple, en cas de travail effectué dans un bureau fort fréquenté ou à la ventilation mal assurée. «Mais cela peut aussi être un accueil sans protection plexiglas».*

*Si l'aménagement ne peut être envisagé, il est alors fortement recommandé d'essayer de «trouver un autre lieu de travail moins exposé». Mais attention, précise le Dr Berthet «en aucun cas ce statut n'octroie de fait aucun droit de retrait du salarié ou aucune dispense de travail. Seul l'état de santé peut justifier un arrêt de l'activité de la salariée».*

Déi do Formulatioune sinn also just Recommandatiounen, ouni direkt Obligatioun fir de Patron. A wann elo wierklech keng Méiglechkeet besteet, fir der Fra hier Aarbechtsplaz méi sécher ze gestalten, huet si awer kee Recht, fir vun hirer Aarbecht fräi gestallt ze ginn.

Dowéinst wéilte mir der Madamm Gesondheetsministesch dës Froe stellen :

1. Ass d'Madamm Gesondheetsminister der Meenung, datt esou eng Recommandatioun ouni Obligatioun duergeet, fir eng Fra an aneren Ëmstänn an hiert Kand ze protegéieren?

2. Kéinten d'Patronen net eng staatlech Hëllef kréien, fir z.B. d'Raimlechkeeten ze adaptéieren, fir Fraen an aneren Ëmstänn eng sécher Aarbechtsplaz ze garantéieren?

3. Kënnen d'Patronen - an deene Secteure wou et méiglech ass - net encouragéiert ginn, fir de Fraen an aneren Ëmstänn Heemaarbecht (télétravail) ze erlaben ?

4. Wann eng « grossesse à risque », wat jo d'Fra nach eemol méi vulnerabel mécht, och um psychesche Plang, vum Gynekolog diagnostizéiert gëtt, huet d'Fra dann an der COVID-Period Recht op eng Dispens vun der Aarbecht ?

Weider heescht et :

*« Pour le Dr Berthet, cette nouvelle classification a aussi un but préventif. Attirer, si besoin est, l'attention des femmes concernées sur les nécessaires précautions à prendre face au coronavirus. Pas seulement l'application de gestes barrières mais aussi des changements de comportement au quotidien, «comme choisir de faire ses achats dans les tranches horaires où les magasins sont moins fréquentés». »*

5. Ass d'Madamm Gesondheetsminister sech bewosst, datt net all Fra eng Aarbechtsplaz huet, wou se sech esou flexibel ariichte kann ?

6. Wéi e rechtlechen an eventuell finanzielle Kader gëtt et, fir d'Aarbechtszäite vun de Fraen, déi erwaarden, a COVIDs-Zäite kënne méi flexibel ze gestalten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten